N°218
Entrée le 22.01.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 22.01.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/01/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Sozialversécherung weiderzeleeden.**

Am Background vum 20ten Januar 2024 huet eng Assistane sociale erkläert, dass d'Sessiounen beim Psychotherapeut net kënnen iwwert den Tiers payant social bezuelt ginn. An der Äntwert op d'Fro 7746 huet den Sozialversécherungsminister erkläert:

> "Op de Joren 2018 bis 2022 hunn pro Joer ongeféier 0,6% vun allen Krankeversécherten op den TPS zeréckgegraff. D'Majoritéit vun de Leeschtungen déi iwwert den TPS bezuelt gi sinn, betrëfft Behandlunge vu Generalisten a Spezialisten."

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Stëmmt et, dass ee Patient bei de Sessioune beim Psychotherapeut, déi elo vun der CNS rembourséiert ginn, net ka vum Tiers payant social Gebrauch maachen?

2. Falls jo, firwat ass dat esou a plangt d'Ministesch hei séier z'intervenéieren, fir nozebesseren?

3. Falls nee, mengt d'Ministesch net, dass et wichteg wier, hei eng Circulaire un déi betraffe Psychotherapeuten ze schécken, fir si iwwert den Tiers payant social opzeklären?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

N°218
Entrée le 23.02.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 218 vum 22. Januar 2024 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.**

*1. Stëmmt et, dass ee Patient bei de Sessioune beim Psychotherapeut, déi elo vun der CNS rembourséiert ginn, net ka vum Tiers payant social Gebrauch maachen?*

*2. Falls jo, firwat ass dat esou a plangt d'Ministesch hei séier z'intervenéieren, fir nozebesseren?*

*3. Falls nee, mengt d'Ministesch net, dass et wichteg wier, hei eng Circulaire un déi betraffe Psychotherapeuten ze schécken, fir si iwwert den Tiers payant social opzeklären?*

Am Moment kënnen d'Sessioune vum Psychotherapeut net iwwert den Tiers payant social iwwerholl ginn. Den Tiers payant social applizéiert sech aktuell just op d'Rechnunge vun den Dokteren, den Zänndokteren an op verschidde Bluttanalysen esou wéi et an der Konventioun vum 28 Dezember 2012[1] virgesinn ass.

Et wäert awer analyséiert ginn op et méiglech ass d'Akten vun der Psychothérapie an déi bestehend Konventioun iwwert den Tiers payant social ze integréieren. Dofir mussen awer Verhandlungen gefouert ginn tëschent dem Ministère fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil, dem Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet, der CNS an der FAPSYLUX.

De Paiement immédiat direct deen elo scho bei de Generalisten agefouert gouf, gëtt no a no och bei deenen anere Spezialisten a Gesondheetsberuffer en Place gesat, esou dat den Assuré da just nach seng Part muss direkt bezuelen.

Lëtzebuerg, den 23. Februar 2024

D'Ministesch fir d'Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez

[1] Convention du 28 décembre 2012 conclue entre l'État du Grand-Duché de Luxembourg et la Caisse nationale de santé portant institution du tiers payant social.